Pit Panther

# (On)Heemlech

Wou d'Strooss uechter de Bëton leeft,
All Dag de Stau regéiert,
Wou nieft dem Kran gläich nach ee steet,
Den Henri franciséiert:
Dat ass eist Land, wou just nach d'Hall-
schent Lëtzebuerger sinn.
Eis Sproochnatioun am fräie Fall,
Well d'Wierder ënnerginn.
Eis Wäiregioun, an iwwerall
Flitt Cremant mat eis hin.

A senger blénkeg Bankewelt,
Vum Frieden opgeriicht,
Wou all Hallodri Boîtten hält
A keen no Steiere sicht;
Säi Walvollek mécht sech gär sou,
Wéi wann et eenzeg wier:
Haaptsaach et geet gemittlech zou,
D'Belsch Plage, dat ass eist Mier!
Haaptsaach et herrscht no bausse Rou,
Dat weess de Frontalier!

Gestank, Gestank vum SUV
A Wirschtercher vum Grill;
De Knascht pecht un der Bourgeoisie
An hirem Liewensstil.
Fir d'Léift gouf nach kee Verb gebuer,
Ee Wuert, dat eis net feelt,
Well fir een echte Libesschwur
Just Bretzelsonndeg zielt.
Mir sinn eebe keng Héichkultur,
Just Bauere mat Gefill.

*O sole mio* Lëtzebuerg,
Meng Pai a meng Pensioun,
Behitt mech viru jidder Suerg
A Wirtschaftsmigratioun!
Eis Kanner ginn am Schoulsystem
Duerch d'Sprooche segregéiert,
Dat ass zwar schued, mee net sou schlëmm,
Meng Leit sinn net touchéiert.
't bleift alles sou wéi ehedem,
Mir si privilegéiert.

Heimat heißt, Pit Panther,
Dass man mit Andern läuft
Und Stolz ins Essen träuft,
Selbst wenn sich ein gesamter
Staat an Eigenlob besäuft.

Michel Lentz

# Ons Heemecht

Wou d'Uelzecht durech d'Wisen zéit,
Duerch d'Fielsen d'Sauer brécht,
Wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit,
Den Himmel Wäin ons mécht:
Dat ass onst Land, fir dat mir géif
Heinidden alles won,
Ons Heemechtsland, dat mir sou déif
An onsen Hierzer dron.
Ons Heemechtsland, dat mir sou déif
An onsen Hierzer dron.

An sengem donkle Bëscherkranz,
Vum Fridde stëll bewaacht,
Sou ouni Pronk an deire Glanz
Gemittlech léif et laacht;
Säi Vollek frou sech soë kann,
An 't si keng eidel Dreem:
Wéi wunnt et sech sou heemlech dran,
Wéi ass 't sou gutt doheem!
Wéi wunnt et sech sou heemlech dran,
Wéi ass 't sou gutt doheem!

Gesank, Gesank vu Bierg an Dall
Der Äerd, déi äis gedron;
D'Léift huet en treie Widderhall
A jidder Broschts gedon;
Fir d'Heemecht ass keng Weis ze schéin;
All Wuert, dat vun er klénkt,
Gräift äis an d'Séil wéi Himmelstéin
An d'A wéi Feier blénkt.
Gräift äis an d'Séil wéi Himmelstéin
An d'A wéi Feier blénkt.

O Du do uewen, deem seng Hand
Duerch d'Welt d'Natioune leet,
Behitt Du d'Lëtzebuerger Land
Vru friemem Joch a Leed!
Du hues ons all als Kanner schonn
De fräie Geescht jo ginn.
Looss viru blénken d'Fräiheetssonn,
Déi mir sou laang gesinn!
Looss viru blénken d'Fräiheetssonn,
Déi mir sou laang gesinn!

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuerger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass a gouf aus engem Reader vum SCRIPT iwwert déi lëtzebuergesch Sproch entholl: https://tinyurl.com/29skttzz (leschten Opruff: 4. Mee 2022).